N°2643
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng Froen, schreiwen d'Regierungsmemberen, dass si vun de Virdeeler vun den Elektroautoen iwwerzeegt sinn (QP n°2459). Et fält awer op, dass zënter dem Amtsuntrëtt vun der CSV-DP-Regierung net méi Elektroautoen am Fuerpark vun de Ministeren ze fanne sinn a si weider op Plug-In-Hybriden, also Verbrenner, setzen. D'Regierung erkläert dëst mat *"operationellen a sécherheetstechnëschen Grënn",* déi et verhënnere géifen, op eng voll elektresch bedriwwene Fuerpark ëmzesteigen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill nei Plug-In Hybride a Verbrenner goufen zënter 2024 fir de Fuerpark vun der Regierung souwéi de Service de protection du gouvernement kaf?

2. Wéi eng operationell a sécherheetstechnesch Grënn verhënneren et, dass een op mannst den Undeel u rengen Elektroautoen am Fuerpark erhéicht?

3. Wéi wëll d'Regierung de Bierger:innen d'Virdeeler vun der Elektromobilitéit am Alldag gleefhaft maachen, wann am Fuerpark vun der Regierung grad mol 4 E-Autoen genotzt ginn?

4. Firwat ënnerstëtzt d'Regierung d'Verbrennerverbuet, wann ee selwer zougëtt, dass den Elektroauto net ka fir all Gebrauch genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten